**Christiane Beckius**
**25, rue Principale**
**L-5480 Wormeldange**
**christiane.tapio@gmail.com**

Wormer, den 1. Januar 2018

Här François Bausch
Ministère du Développement durable et des Infrastructures
4, Place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

Betrëfft : **"Solidaritéit ass keng Einbahn"**

Här Minister,

Den Tram rullt gutt, de Funiculaire schwieft schéin an d'nei Garen um Houwald an am Pafendall funktionéiere wonnerbar !

Felicitatioun Här Minister an Ärer ganzer Equipe fir déi exzellent Aarbecht !

Elo wier de richtegen Timing fir iwwert "d'*Ausschaffe vun engem Projet fir d'Rue Principale*" zu Wormer nozedenken, wéi den Här Tom Weisgerber, éischte Regierungsrot, MDDI, an sengem Bréif vum 22. Juli 2016 schreift, ënnert dem Motto "*Let's make it happen*".

No ville laange Bréiwer, vun deenen eenzelner nach net beäntwert goufen an no engem iwwert 100-säitegen Dossier, ass nach ëmmer näischt Konkretes derbäi erauskomm. D'Hoffnung hunn ech trotzdem nach ëmmer net verluer ! Déi stonnelaang Aarbecht vum Germaine Bouchard, menger Nopech, a mir selwer, kann ënnert folgenden 2 wichtege Punkten zesummegefasst ginn :

**1) de fréieren "Double Sens" gëtt erëm agefouert,**

well e gëllt nach ëmmer als déi schnellst an einfachste Léisung a géif d'Awunner vu ganz Wormer erëm zesummebrengen. Zwee fréier Buergermeeschter sote spontan, datt den **temporaire**[1] **"Sens Unique"** net gutt wier fir d'Duerf ! (**Annexe 1**) Wormer gesäit traureg an ëmmer méi no engem Geeschterduerf aus. Et begéint ee bal kee Mënsch méi, awer ëmsou méi, fällt engem d'Blechlawin an der Gewân op.

Mir sinn um gudde Wee fir nëmme méi en Transitduerf ze ginn, wou haaptsächlech eng Tankstell an zwee wäit ewech geleeë Supermarchéen dovunner profitéieren. **Dat féiert erëm zu méi "Verkéier & Co." !**

Gouf dorop spekuléiert, datt mat der Zäit, d'Leit sech géife gewinnen am Krees ze fueren ? Gëtt et och eng Gewunnecht, datt d'Geschäfter manner Clienten kréien an datt se een nom aneren, hir Dieren zoumaachen ? Zënter 2013 si schonn 3 Geschäfter am Duerfkär fort !

An der Gewân fiert de Verkéier am "Double Sens" op enger "Formel-1 Streck", déi 6 m breet ass, well d'Awunner do hu misse plazeweis op béide Säiten vun der Strooss bis zu 80 cm Eegentum am Joer 1986 oftrieden. D'Strooss an der Gewân ass no hirer Erweiderung grad esou breet ginn wéi déi am Duerfkär. Virun der Gemeng am Duerfkär ass d'Strooss souguer nach méi breet. Den Trottoir ass do 2,21 m breet an 13,5 cm héich. An der Gewân dergéint, ass den Trottoir nëmmen 0,90 m bis maximum 1,20 m breet !

Am Duerf, op der engster Plaz, wou virdrun d'Haiser no 128 an no 130 (plus Scheier) stungen, ass et elo méi breet (8,5 m), well déi Gebaier 2013-14 ofgerappt gi sinn. Ausserdeem gëtt hannert der Gemeng en ëmmer méi deiert Parkhaus geplangt, **soudatt d'Autoen vun der Strooss ewegkommen an esou Plaz entsteet fir de fréieren "Double Sens" erëm anzeféieren**.

**"An der Frongaass" zu Éinen - dat krasste Beispill - ass schliisslech och "Double Sens".** Do ass et nach méi geféierlech, well d'Strooss géi ass, net iwwersichtlech, nëmmen 3 Meter breet an zwee ganz schmuel Trottoiren huet. Duerch den zouhuelende Verkéier ass et souguer geféierlech mat 50 km/Stonn an där Strooss erofzefuer. **An der Gewân geet et och ëm d'Sëcherheet vun de Kanner an vun den anere Foussgänger.** Vergiesse mer net, datt d'Gewân eng presentabel "Visittekärtchen" vum eisem Duerf ass, wou schéin al Heiser stinn a wou de fréieren "Hotel Empire" vun enger net-lëtzebuergescher Koppel mat vill Leidenschaft restauréiert gëtt !

D'"rue Principale" an der Gewân mécht ⅓ von der ganzer Stroosselängt aus a féiert direkt an den Duerfkär, mat deem se och de selwechte Stroossenumm deelt. An der Gewân wunnen och vill Leit, déi no engem stressegen Dag an engem laangen Heemwee, ëmmer méi am Stau stinn. Am Duerf ass kee Schwéierverkéier an do war nach keen ! D'Tankstell ass all Dag op an zwar bis zu 100 Stonnen/Woch. Virdrun hate mer wéinstens Mëttwoches e bësse Rou, well mer een Dag an der Woch keen Tanktourismus haten. Ausserdeem gëtt matzen an der Nuecht Benzin geliwwert an den Tank opgefëllt. **Hunn d'Awunner vun der Gewân kee Recht op Rou, déi eis jo awer virun 4 ½ Joer "gestuel" ginn ass ?** Sech am Gaard oder op enger Terrass ze erhuelen, gehéiert elo schonn zur Vergaangenheet. Ass et wierklech net méi méiglech an engem Duerf méi lues ze fueren, wa mer fréier op der ganzer "rue Principale" mat vill manner Verkéier, Schëlter mat "40 km/Stonn" haten ? Ass dat ze vill gefrot, wann ee selwer zënter 2 ½ Joer mat "30 km/Stonn"[2] op den Haaptstroossen vun der ganzer Gemeng fiert, wat elo zur Gewunnecht ginn ass ?

**D'Geschäfter a Restauranten sinn eestëmmeg[3] dofir, datt den "Double Sens" erëm wéi virdrun - viru 4 ½ Joer - agefouert gëtt.** All Awunner zu Wormer an an de Nopechdierfer, mä och d'Grenzgänger wieren erëm vollkomme zefridden an erliichtert net méi all Dag den "sightseeing tour" duerch d'ganzt Duerf missen ze widderhuelen a géifen doduerger och nach Benzin spueren. **Den Duerchgangsverkéier muss elo an engem regelrechte Karussell** fueren. Lauter Wunnhaiser sinn op där Streck, déi 3x esou laang ass wéi d'Längt vum Duerfzentrum. **All Dag muss de Verkéier ronderëm d'ganzt Duerf fueren, woubäi d'"rue Principale" am Duerfkär eng direkt a riicht Verbindungsstrooss tëschent der Wormer Grenzbréck an der Tréierer Autobunn (A1) ass.**

Wéi am Bréif vum 1. Mee 2016 un den Här Romain Spaus, MDDI, ugedeit gouf, geet aus enger rezenter Feststellung ervir, datt ëmmer manner Autoen vun der Bréck moies duerch den Duerfkär fueren - Richtung Tréierer Autobunn (A1) - an ëmmer méi dovunner duerch d'Gewân an duerch d'Dierfer an d'Stad fueren.

Déi aktuell **Iwwergangsléisung, déi nëmmen fir 5 Méint virgesinn wor an 2x fir 6 Méint verlängert gouf**, **mä nach ëmmer net eweggeholl ginn ass**, bréngt zu Wormer näischt aneres mat sech wéi :

- **méi Loftverschmotzung** duerch de Stickstoff $NO_2$. D'"World Health Organisation" setzt souguer de Grenzwert op 20 mg/m$^3$.

- **méi Kaméidi**, woubäi op der Musel de Schall (dB) am Dall vill méi héisch ass an duebel Fensteren net méi duer ginn,
- eng **Verschlechterung vun der Liewensqualitéit zu Wormer an an 10 aner Dierfer,**

woubäi et medezinesch bewissen ginn ass, datt all dës Faktoren e negativen Afloss op eis Gesondheet hunn an op laanger Dauer Häerzkrankheeten an/oder Longekriibs verursaache kënnen.

Eise "parc automobile" - ee vun deene gréissten an Europa - an eng Tankstell - eng vun deene gréissten vun der Welt - bréngt dem Staat vill Suen eran. Erëm no der "World Health Organization" stierwen op 100.000 Awunner duebel esou vill Leit op eise Stroosse am Verglach zu Däitschland an ëmmer nach méi wéi zum Beispill, a Schweden, an der Schwäiz, a Finnland, a Frankräich, an der Belsch, an Italien oder a Portugal. Zu Singapur, e Land wat ⅓ vu Lëtzebuerg ausmecht a wou 5,5 Mio Leit wunnen, si méi wéi d'Halschent manner Doudeger op de Stroossen wéi bei eis am Land.

Obwuel bei eis den Auto nach ëmmer als Statussymbol ugesi gëtt, sot mer e Politiker, verléiert dës Denkweis bei eiser Jugend ëmmer méi u Bedeitung. Déi jonk Leit sinn sech kloer bewosst : "**De Klimawandel si mir !**" Et geet dorëms, datt all eenzelne vun eis dru schaffe muss, well mat **manner Konsum**, kënne mer déi zouhuelend klimabedéngte Schied a Verloschter an de Grëff kréien. D'Fro bleift ëmmer aktuell : "Wat loosse mer eise Kanner a wat fir e Beispill gi mer hinnen ?"

Während der Inauguratioun vum Tram hate mer en onerwaarte Schnéistuerm. Musse mer domadder rechnen datt New York, Venedeg oder Holland duerch dee schnell schmëlzende, 26 km breede Gletscher a Grönland scho vläicht "erdrénkt", wann de ganzen Tracé vum Tram bis färdeg ass ? Och zu Lëtzebuerg wäerte mer vun Iwwerschwemmungen net verschount bleiwen, wann Temperaturschwankungen schnellt Schnéischmelzen a vill Reen verursachen an doduerger eng Pegelsteigerung vu eise Flëss a Baachen mat sech bréngen. Dozou hat ech am Bréif vum 6. Januar 2016 un de fréiere Buergermeeschter geschriwwen, eis al Chaudièren mat enger "Centrale Thermique" zu Wormer wéinst d'Iwwerschwemmungsgefor op der Musel, ze ersetzen. Dëst Fernwärme kéint mat de betraffene niddreggeleeëne Nopechdierfer verbonne ginn, wëll deemools schonn eng Vëlospist laanscht Musel geplangt wor.

Fir op d'Bedenke vun de Geschäftsleit weider anzegoen a fir déi aktuell Verkéierssituatioun ze verbesseren, wäer soss déi folgend 2. Méiglechkeet ze berücksichtegen :

2) **de "Sens unique" an ëmgedréinter Richtung,**

fir datt d'**Geschäfter een Deel nach vun hirer Konnschaft erëmkréien. Moies hunn d'Leit keng Zäit fir akaafen ze goen, well se op de Büro ginn an d'Grenzgänger fueren dofir meeschtendeels an d'Stad. Aus dësem wichtege Grond, misst de Verkéier <u>mueres</u> duerch d'Gewân an <u>owes</u> duerch d'Duerf fueren.** Ausserdeem brauchen eeler Leit net bis bei d'Tankstell ze goen oder krank Leit net weider belaascht ze ginn, wann se nëmme méi ¾ Stonn ze gutt hunn fir, inklusiv d'Streck, an de weit entleeëne Supermarché (+/- 15 km) akafen ze goen. D'Epicerie zu Éinen an zu Kanech, déi net emol esou laang do waren, si leider schon erëm zou !

Fir d'iwwereggebliwwene Geschäfter ze erhalen an fir esou d'Verkéierssituatioun <u>korrekt</u> ze regelen, soll den aktuelle "**Sens Unique**" am Duerfkär fir eng gewëssen Zäit och elo an **emgedréinter Richtung ausprobéiert ginn**. Dono kann bewäert ginn, wat déi beschte Léisung ass. Bäigefügt fannt Dir eng ënnerschriwwen an **<u>aktualiséiert Petitioun</u> vun <u>alle</u> Geschäfter a Restauranten**, déi sech am Duerfkär befannen an déi schon vun Ufank un, hiren Desaccord iwwert den aktuellen **temporaire "Sens Unique"** ginn hunn. (**Annexe 2**)

Den aktuelle "**Sens Unique**" huet mat sech bruecht, datt zu Wormer en onerträgleche **Verkéierskarussell** entstanen ass, deen net méi ophält ! Doduerger ass och de Verkéier zënter 4 ½ Joer elo, net nëmmen nach méi disproportionnéiert, mä och konstant an d'Luucht gaangen, soudatt d'Liewensqualitéit zu Wormer - **ausser am Duerfkär** - sech radikal verschlechtert huet !

Virun de Gemengewalen 2017, krute mir während eiser Sensibiliséierungscampagne "Je peux voter" e positive Feedback vun de Leit, datt den **Tunnel,** (**Annexe 3**), eng radikal Léisung wier fir den Awunner zu Wormer an an 10 aner Dierfer hir freier Liewensqualitéit erëmzeginn. Op den Haaptstroossen fiert jo bekanntlech den allermeeschte Verkéier. Zu Wormer sinn d'"rue de Dreiborn", d'"route du Vin", d'"rue Principale", d'"Berreggaass" an d'"rue Hiehl" am allermeeschte betraff. En anert Beispill ass Éinen, wou d'"Frongaass", de "Neie Wee", d'"rue Isidore Comes" an d'"rue Mathias Wellenstein" och dovunner betraff sinn. Bäigefügt fannt Dir eng **Opzielung vun alle Stroossen an eiser Gemeng**, wou mer selwer hi waren. Si ass duergestallt **a Form vun enger Pyramid**, fir Iech e kloert Bild ze maachen, wou d'Liewensqualitéit am beschten (Top) a wou se am schlechtsten (Flop) ass. (**Annexe 4**)

**Zu Sandweiler zum Beispill, fueren d'Leit, déi nach no hirer Aarbecht akaafe ginn, duerch Duerf, déi aner fueren direkt an de Contournement, soudatt Sandweiler vum Duerchgangsverkéier verschount bleift.** D'Statistiken ginn dovunner aus, datt 12.000 bis 15.000 néi Aarbechtsplazen pro Joer geschafe ginn. Dowéinst wäerten och méi Grenzgänger agestallt ginn, déi zum Deel all mueres iwwert d'Wormer Grenzbréck fueren an owes erëm an eisem Grenzgebitt heemfueren. (**Annexe 5**) No de leschte Walen konnt ee feststellen, datt sech ëmmer méi Buergermeeschteren asetzen fir e Contournement an hiren Dierfer ze plangen !

<u>Fir déi ganz Verkéierssituatioun zu Wormer **radikal** ze entschärfen</u>, wier also, **zesumme mam "Sens Unique" an ëmgedréinter Richtung, déi fréier Etüd vum Tunnel** als **fair Kompensatioun,** erëm ervirzehuelen an souguer iwwert <u>eng kuerz Variant[4] vum Verkéierswee duerch Wormer nozedenken</u>. Aus folgende Grënn :

- wéinst der **Ofschafung vum "Double Sens" am Duerfkär**,
- wéinst dem **4 ½ Joer laangen, zousätzlechen an zouhuelende Verkéier**, deen am **Karussell** duerch ganz Wormer fiert, (**Annexe 6**),
- wéinst der **Noutwendegkeet vun zousätzleche Fensteren fir den onendleche Verkéiersschall ze dämmen**,
- well d'"rue Principale" an der Gewân nëmmen 40 m vun der "route du Vin" ewegläit a parallel zu hir leeft, soudatt d'**Gewân duebel esou vill Verkéier ze erdroen huet,** (**Annexe 7**),
- wéinst de **Pläng vun der "rue Principale", op déi mer zënter September/Oktober 2014 waarden**, mä awer nach ëmmer net gewise kruten. An der Zwëschenzäit ass d'"rue du Cimetière" färdeg ! Et freet een sech elo, ob d'Schléissung vun der Gréiwemaacher Bréck (Mee-Oktober 2013) net e Virwand wor fir no 5 Méint, de "Sens unique" esou ze loossen. An der Versammlung vum 2. Abréll 2014 gouf dem Bierger dës folgend Absicht <u>net</u> matgedeelt : "Séance du 24 avril 2014 : *…l'Administration des Ponts & Chaussées s'est chargée d'établir un projet pour la **modification définitive** du règlement de la circulation dans la localité de Wormeldange…*"
- well Wormer a vill aner Dierfer am Osten vum Land net an **déi grouss aktuell an zukünfteg Eisebunnsprojete abezunn kënne ginn**, well wäit a breet keng Zuchverbindung do ass. Sandweiler, Mënsbech an Éiter sinn déi "nootste" Garen, soudatt de Verkéier op der Wormer Grenzbréck ëmmer d'selwecht héich bleift a weider zouhëlt !
- mäi och, fir eng "Wiedergutmachung" fir d'Gewân, wou **Eegentum fir d'Erweiderung vun der Strooss, am Joer 1986 huet missen ofgetruede ginn.**

Här Bausch, Dir sitt "*Minister vun alle Bierger*", sot Dir eis. Mir sinn effektiv a schwéier Zäiten geroden, wëll hannerhälteg an hannerlëschteg Leit hire Kapp an de Sand stiechen. "*Léien ass keng Dignitéit*", sot schon de Premier vu Botswana, de Seretse Khama zu senger Zäit. Op der leschter Versammlung, den 8. Februar 2017 iwwert den "aménagement communal" vun Éinen, ass bei enger Ausernanersetzung och heemlech um Handy opgeholl ginn.

Ech hunn elo meng Bedenken, wat den néie Gemengerot ubelaangt. Rumeuren zirkuléieren, datt verschidde Leit Schwieregkeeten hätten fir matzeschaffen. Soll domadder Zäit gewonne ginn ? **Leeschte mer nach weider Widderstand géint Transparenz, Gerechtegkeet an nohaltege Fortschrëtt ?** D'Weltbevölkerung, mä och d'Bevölkerung hei am Land, wiisst rasant. Dofir wäer et wënschenswert eng Welt ze schafen, déi sech op Mënschlechkeet zentréiert an net méi op de Profit. Op alle Niveauen a bei alle Bedeelegten sinn Ustrengungen verlaangt. Da wiere mer op der gewonner Säit !

Den neien aktuelle Begrëff fir Solidaritéit ass hautdesdaags "Teamwork", wou **Transparenz, Dialog** a **global Denken mat positivem Problemsléisungswëllen** groussgeschriwwe ginn. Haut sinn Basisdemokratie, Diskussiounskultur a sozial Kompetenzen ëmmer méi wichteg a néideg, well vill komplex Problemer - wéi an eisem Fall d'Verkéiersproblematik - net méi eleng ze léisen sinn, mä och mat de Bierger an de Geschäftsleit. D'Wuert vun de Bierger a vun de Geschäftsleit, muss dann awer och berücksichtegt ginn !

**Solidaritéit ass och kee Monolog**. A mengem onbeäntwerte Bréif vum 14. Februar 2017 hunn ech de fréiere Buergermeeschter nach eng Kéier gebieden, eng laangerwaarte Versammlung iwwert den **temporaire "Sens Unique"** am Zentrum vu Wormer, ze halen, woubäi ech fräiwëlleg d'Iwwersetzungskäschte iwwerhuele géif. Dofir géif ech mech freeën, Iech erëm an eiser schéiner Muselgéigend op enger Versammlung kënnen ze begéinen. A firwat net dës Kéier zu Wormer, wou elo fir eng "Hallefzäit" e frësche Wand bléist, a wou eisen neie Buergermeeschter, den Här Max Hengel, Iech géif sécherlech häerzlech wëllkomm heeschen.

Mat beschte Gréiss.

Ënnerschrëft

____________________

Christiane Beckius

**C.c. :** **Här Xavier Bettel**, Ministère d'Etat,
**Här Dan Kersch**, Ministère de l'Intérieur
**Här Max Hengel**, Administration Communale de Wormeldange
**Här Roland Fox**, Administration des Ponts & Chaussées, Lëtzebuerg
**Här Félix Braz,** Ministère de la Justice
**Madame Blanche Weber,** Mouvement Ecologique
**Geschäfter an Awunner vu der Gemeng Wormer, déi Petitiounen ënnerschriwwen hunn.**

**N.B. Wéi ech dat a mengem leschte Bréif vum 25. Dezember 2016 ërem ernimmt hunn, sinn elo net nëmmen nach Leit entlooss ginn an d'Luuchten hannen an eiser treier Epicerie aus, mä et si scho bedeitend vill manner Artikelen op den Stellage an d'Heizung ass schon e gudde Strapp erofgesat ginn. Waarde mer drop bis et ze spéit ass ? De Ball läit elo bei Iech, Här Minister…**

Annexes (7)

---

1 Bulletin communal "de Fuedem" vum März 2013

2 Aus dem Bréif vum 20. September 2015 un den Här François Bausch, MDDI

3 Zwou Petitiounen fannt Dir ënner anerem am Bréif vum 2. Abrëll 2016 un den Här Xavier Bettel, Ministère d'Etat

4 Aus dem Bréif vum 23. Juni 2016 un d'Grande-Duchesse Maria Teresa